

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Wéi d'Sequenzéierung duerch den LNS hei zu Lëtzebuerg gewisen huet, sinn haaptsächlech dräi Virusvariante present. Déi neiste Mutatioun, déi aus Groussbritannien kënnt, ass awer och zu Lëtzebuerg nogewise ginn. Well hir och op de soziale Medien eng besonnesch Geféierlechkeet attestéiert gëtt, wëll ech dës dréngend Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madamm Gesondheitsminister stellen:

1. Leeft d'Sequenzéierung vum Corona-Virus a positive Prouwe weider plangméisseg?
2. Ginn all positiv Prouwe sequenzéiert?
3. Falls nee, a wat fir engem Intervall/Schlëssel ginn déi Prouwe sequenzéiert?
4. Wéi vill vun dese Prouwe sinn an deene leschte véier Woche sequenzéiert ginn?
5. Wéi vill vu de positive Prouwe stame vun der neier brittescher Mutatioun vum Virus a wéi vill vun de positive Prouwe stame vun deenen zu Lëtzebuerg üblechen dräi Mutatiounen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten